PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/08/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.

Verschidde Gemengen hunn am Kader vun der Covid-19-Pandemie ee Programm opgestallt, fir iwwert d'Hëllefe vum Staat eraus weider Subventiounen un déi lokal Betriber ze verdeelen. Als Beispill: d'Gemeng Lëtzebuerg huet an hierem Gemengereglement ee "subside unique forfaitaire en faveur des commerces établis sur le territoire de la Ville de Luxembourg" agefouert.

Wärenddeem hunn aner Gemengen decidéiert punktuell Hëllefen fir eenzel Betriber opzestellen. Verschidde Gemengen hunn esou zum Beispill deenen Entreprisen, déi Lokalitéite vun der Gemeng lounen, eng Reduktioun, voire een Erlooss vum Loyer accordéiert.

An der Circulaire n° 3847 vum Inneministère un d'Gemenge schreift d'Inneministesch:

> "La législation communale ne s'oppose pas à des mesures pareilles qui s'inscrivent dans les compétences du conseil communal auquel il appartient de régler tout ce qui est **d'intérêt communal** en vertu de l'article 28 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988. **L'intérêt communal se définit communément comme comportant le nécessaire, l'utile et l'agréable de la collectivité locale.** Il appartient dès lors au conseil communal de vérifier si les mesures de soutien financier qu'il envisage, rentrent dans sa compétence et comportent un intérêt pour la collectivité. Le cas échéant le conseil tiendra compte de ces critères pour déterminer les commerces, les entreprises ou les activités économiques éligibles."

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass d'Approche vu selektiven Hëllefen un eng limitéiert Zuehl vu Betriber konform mam Prinzipp, deen d'Ministesch an der Circulaire nennt ("L'intérêt communal se définit communément comme comportant le nécessaire, l'utile et l'agréable de la collectivité locale."), wann ee weess, datt d'Hëllef nëmme verschiddenen Entreprisen zegutt kënnt an net der Allgemengheet?

2. Wéi eng Krittäre sinn entscheedend, fir datt d'Hëllefen dem Prinzip vum "intérêt communal" entspriechen?

3. Missten d'Gemengeresponsabel virum Accord vu selektiven Hëllefen net och d'Situatioun vun der Entreprise op Basis vum Bilan, Finanzsituatioun a Maartundeel evaluéieren?

4. Däerf d'Gemeng no Loscht a Laun d'Montante fir d'Hëllefe festleeën?

5. Stelle selektiv Hëllefen (wéi zum Beispill eng Reduktioun vum Loyer fir eenzel Entreprisen) eng Verzerrung vun der Konkurrenz duer, wëssend, datt aner Entreprisen eidel aus esou enger Decisioun erausginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député